Ligue "Ons Jongen".
Comité Central.
45, Boulevard Royal.
Letzeburg.

Letzeburg, den 8. Oktober 1945.

Bericht iwer d'Sötzong vum Zentralcomité vum Samschdeg, den 6.X.1945.

---

Uwiesend: STEIL (Letzeburg); FANDEL (Esch-Uelzecht); WELTER (Letzeburg) THINNES (Esch-Uelzecht); SCHMIT (De'fferdeng); KRAUS (Ettelbreck); CONTER (Letzeburg) vum Zentralcomité, BRIMEYER vum Rédaktio'nscomité.

Ponkt 1. Memorandum betr. "Pupilles de la Nation". De Memorandum vun der Ligue "Ons Jongen" un de' énzel Parteien betr. d'Stellong vun de Parteien zo' de'er uewen cite'erter Frô, dé vum H. René WOLTER ausgeschafft gi wor, ass an der Sötzong vum 26.9.45 éstömmeg ôfgelént gin, well hien e'schter eng Excuse we' eng Accusatio'n vun onserer Seit duergestallt hätt. No der Décisio'n vum Z.K. soll den Här BRIMEYER d'sozialt Programm vun onser Ligue an onser Zeidong publize'eren, so' dass vun déne kompetente Stellen Stellong duerzo' geholl soll gin.

Ponkt 2. Neiwahlen vum Zentralcomité. D'Generalversammlongen vun dénen énzelen Distrikter gi festgeluecht we' follegt:

A) Distrikt LETZEBURG: Distriktsversammlong e Samschdeg, den 20. Oktober 1945, um 15 Auer, am Café FERRING, Eck Avenue Pasteur an Allee Scheffer, op der Schuebermessplätz. D'Assemblée vum Distrikt Letzeburg get préside'ert vum H. FANDEL R. vun Esch-Uelzecht, Vice-Président vum Zentralcomité. De Chef-lieu ass Letzeburg, a folgend 28 Sectio'nen gehe'eren zum Distrikt Letzeburg: Bissen, Mersch, Lintgen, Hollenfels, Lorentzweiler, Junglinster, Steinsel, Kehlen, Kopstal, Mamer, Strassen, Bertrange, Walferdange, Niederanven, Münsbach-Schuttrange, Sandweiler, Mutfort, Hespérange, Bonnevoie, Merl, Rollingergrund, Grund, Pfaffenthal, Clausen, Neudorf, Gare-Hollerich, Luxembourg, Leudelange.

B) Distrikt BASSIN MINIER: Distriktsversammlong e Sonndeg, de 14.X.1945, um 10 Auer, am Lokal vun der Ligue "Ons Jongen", Sectio'n Esch-Uelzecht, Uelzechtstross 67. D'Assemblée vum Distrikt Bassin Minier get préside'ert vum H. A. STEIL vu Letzeburg, Président vum Zentralcomité. De Chef-lieu ass Esch-Uelzecht, a folgend 19 Sectio'nen gehe'eren zum Distrikt Süd: Esch-Alzette, Clémency, Hautcharage, Bascharage, Bettange, Pétange, Sanem, Lamadeleine, Rodange, Mondercange, Differdange, Belvaux, Soleuvre, Schifflange, Kayl, Rumelange, Dudelange, Bettembourg, Aspelt.

C) Distrikt NORD: Distriktsversammlong e Sonndeg, de 14.X.45, um 15 Auer, am Hôtel PLEGER zo' ETTELBRECK, Gro'ssgâss. D'Assemblée vum Distrikt NORD get préside'ert vun den HH. WELTER vu Letzeburg, Caissier vum Z.K., a WOHLFART Josy vu Luerentzweiler, Member vum Z.K. De Chef-lieu ass ETTELBRECK, an den Distrikt NORD begreift folgend 16 Sectio'nen: ETTELBRUCK, Troisvierges, Binsfeld, Heinerscheid, Asselborn, Crendal, Clervaux, Boevange, Hosingen, Wahlhausen, Wiltz, Vianden, Diekirch, Niederfeulen, Medernach, Reisdorf.

D) Distrikt OST: Distriktsversammlong e Sonndeg, de 14.X.45, zo' Gre'vemâcher. D'Sectio'n Gre'vemâcher soll de' énzel Sectio'nen vum Distrikt Ost nach direkt benôchrichtegen, a wâtfirengem Lokal d'Versammlong ôfgehâle get, an dât och dem HÄR CONTER, Member vum Z.K., Letzeburg, matdélen. Den H. CONTER, Member vum Z.K., préside'ert d'Assemblée vum Distrikt OST. De Chef-lieu ass Gre'vemâcher, an den Distrikt begreift folgend 19 Sectio'nen: Beaufort, Haller, Consdorf, Waldbillig, Echternach, Rosport, Osweiler, Bech, Moersdorf, Berbourg, Wasserbillig, Grevenmacher, Machtum, Remich, Filsdorf, Remerschen, Mondorf, Altwies, Dahlheim.

E) <u>Distrikt RE'DEN/ATTERT:</u> Distriktsversammlong e Sonndeg, de 14.X.1945, um 16 Auer, zo' Re'den/Attert. D'Sectio'n Re'den soll de' énzel Sectio'nen vum Distrikt WEST <u>direkt</u> benôchrichtegen, a wâtfirengem Lokal d'Assemblée ôfgehâle get, an dât och so'fort dem Här THINNES Philippe vun Esch-Uelzecht, rue de l'Acier No 16, matdélen. Den Här THINNES Philippe, Member vum Zentralcomité, préside'ert d'Assemblée vum Distrikt WEST. De Chef-lieu ass Re'den un der Attert, an den Distrikt WEST begreift folgend 11 Sectio'nen: Rédange/Attert, Rambrouch, Hostert, Vichten, Hoveldange (Schwécherdall), Eischen, Koerich, Steinfort, Kahler, Septfontaines, Hobscheid.

---

Mir délen heimatt sämtleche Sectio'nen nach émol mat, dat all Sectio'n 2 stömmberechtegt Vertrieder an hir resp. Distriktsversammlong schecke soll, an dat de' énzeg Conditio'n fir d'Kandidatur fir den Zentralcomité d'Zo'gehe'eregkét zo' engem Sectio'nscomité ass. De' énzel Sectio'nen délen hir Kandidaten der Sectio'n vum Chef-lieu bis spe'tstens e Freideg, den 12. Oktober mat, an eventuell Fehlmeldong, wann si keng Kandidaten hun. Eng Copie vun der Kandidatelöscht get zugleich an den Zentralcomité gescheckt. D'Sectio'n vum Chef-lieu mecht é schröftlechen, an de Vertrieder vum Z.K. é möndleche Rapport iwer de' resp. Distriktsversammlongen un den Zentralcomité. Et get nach émol drun erönnert, dat de' vun den Distrikter gewielt Kandidaten dûrch d'Sectio'nen vum Chef-lieu bis spe'tstens e Möttwoch, de 24. Oktober 1945 dem Z.K. schröftlech matzedéle sin. All weider Détailer gi gené aus dem Circulaire vum Z.K. vum 24.9.45 iwer d'Sötzong vum 22.9.45 ervir.

Et get nach émol drun erönnert, dat sämtlech Sectio'nen dem Z.K. eso'fort d'gené Zuel vun hire karteime'sseg erfâsste Memberen matdéle sollen, fir dat d'Zuel vun hire Vertrieder an der Assemblée Générale des Délégués vum 28.X.1945 zu Letzeburg festgeluecht ka gin. D'Karteikârten sin so'fort an den Zentralcomité anzeschecken, och wann nach keng Photo drop ass.

<u>Ponkt 4. Police Auxiliaire.</u> Op Ufrô vun den Interesse'erten setzt de Président Arthur STEIL sech mat dem Här Polizeikommissär REGER a Verbindong, fir z'ermöttelen, we' lâng d'Beschäftegong vun de Jongen, de' an der Hilspolizei täteg sin, viraussîchtlech nach dauere soll.

Bei de'er Geléenhét erönnert den HÄR KRAUS drun, dat den H. Jos. WOHLFART, Delege'erten vun der Ligue "Ons Jongen" um Office National du Travail, d'Resultat vun senger Entrevue mat dem H. Minister BODSON betr. d'Astellong vun de mutile'erte Jongen op der Eisebun nach net bekannt gin huet. Dât soll onbedengt an de'er nächster Sötzong nogeholl gin.

<u>Ponkt 5. Opklärongsversammlong Sectio'n Ölwen.</u> An d'Opklärongsversammlong vun der Sectio'n Olwen, de 6.X.1945, get de Président STEIL delege'ert. An dém Zesummenhang get drop higewisen, dat sämtlech Opklärongs- a Gröndongsversammlongen we'nt den Neiwahlen vum Z.K. virléfeg bis no dem 24. Oktober zreckgestallt musse gin.

<u>Ponkt 6. Neiwahl vun de Sectio'nscomitéen.</u> Den H. CONTER fe'ert aus, dat d'Sectio'n LETZEBURG op Décisio'n vum Sectio'nscomité Letzeburg kén neien Sectio'nscomité gewielt huet. Den Z.K. décide'ert éstömmeg, dat dén Entschloss vum Sectio'nscomité LETZEBURG net rechtskräfteg ass, well en der Generalversammlong vun de Memberen vun der Sectio'n Letzeburg net önnerbrét gin ass. D'Sectio'n Letzeburg soll no Décisio'n vum Zentralcomité én neien Sectio'nscomité wielen. Sämtlech Sectio'nen, an dénen de Sectio'nscomité nach net neigewielt ass, sollen dât direkt nohuelen an dem Zentralcomité dén neien Sectio'nscomité schröftlech matdélen.

Ponkt 7. Ännerong vun de Statuten. Geme'ss den Ausfe'erongen vum H. CONTER verlängt d'Sectio'n Letzeburg eng Ännerong vun de Statuten an dém Sönn, dat d'Zo'gehe'eregkét zo' engem Sectio'ns-comité net erfuerdert ass, fir an den Zentralcomité gewielt ze gin. Den Antrag vun der Sectio'n Letzeburg get zreckgestallt, well all Ännerong vun de Statuten dûrch d'Assemblée Générale des Délégués muss virgeholl gin.

Ponkt 8. Op Propositio'n vum H. STEIL solle vun der Ligue kleng Affichen ausgeschafft an an den Trammen, Kinoen asw. ubruecht gin, fir onse mutile'erte Komeroden op déne betr. Plâtzen d'Priorite't ze secheren.

Ponkt 9. Broschür. Den Zentralcomité bied heimatt all de' Jongen, de' nach Biller- a Schröftreportagen aus der Zeit, wo' si an der Wehrmacht, am Maquis, an der allie'erter Armée, am Prisong, Kz asw. woren, an hirem Besötz hun, dem Zentralcomité dât Material mat den Nimm vun den Interessenten anzeschecken fir de' Broschür, de' d'Ligue "ONS JONGEN" publize're wöllt.

Schluss vun der Sötzong um 16 Auer.

De' nächst Sötzong vum Zentralcomité get op e Samschdeg, den 20. Oktober 1945, 18 Auer (uechtzeng Auer) fixe'ert, mat folgendem Ordre du Jour: NEIWAHLEN VUM ZENTRALCOMITE.

De Président,

A. S T E I L.

De Sécrétaire ff.,

R. F A N D E L.

Vice-Président.

# LIGUE „ONS JONGEN"

Association sans but lucratif

# *Statuts*

### Dénomination, siège et objet.

**Art. 1.** — Sous la dénomination de «*Ons Jongen*», il est formé une association des Luxembourgeois enrôlés de force dans le «Reichsarbeitsdienst», la «Heimatflack» ou la «Wehrmacht» et qui ont servi ou y servent encore, ou qui ont déserté ou qui se sont de prime abord soustraits au service à leurs risques et périls.

Les membres de l'ancienne «Compagnie des Volontaires» peuvent faire partie de l'association.

**Art. 2.** — Le siège social est à LUXEMBOURG-VILLE.

L'association est constituée pour une durée illimitée. Elle peut en tout temps être dissoute.

**Art. 3.** — L'association a pour objet de défendre les intérêts tant moraux que matériels de ses membres et de collaborer activement à la reconstruction d'une patrie meilleure.

### Membres.

**Art. 4.** — L'association est composée de membres effectifs et de membres honoraires. Le nombre des membres effectifs est illimité, sans pouvoir être inférieur à trois. Les membres actuels de l'association sont les soussignés du présent acte.

**Art. 5.** — Peuvent être membres effectifs tous les Luxembourgeois sans distinction de rang ni de convictions religieuses ou politiques, dont l'attitude durant l'occupation allemande ne prête pas à critique et qui remplissent les conditions prévues à l'article premier des statuts.

L'admission est prononcée par le Comité Central sur présentation d'une demande écrite.

**Art. 6.** — Les membres effectifs verseront au mois de janvier de chaque année à la caisse de leur section une cotisation dont le montant sera fixé par le Comité Central et ne pourra dépasser cinquante francs.

**Art. 7.** — Peuvent être membres honoraires les Luxembourgeois et Luxembourgeoises dont l'attitude durant l'occupation allemande ne prête pas à critique.

**Art. 8.** — Les membres honoraires verseront au mois de janvier de chaque année à la caisse de leur section une cotisation dont le montant sera fixé par le Comité Central et ne pourra dépasser cent francs.

**Art. 9.** — Les associés seront libres de se retirer de l'association en adressant leur démission par écrit au Comité Central.

**Art. 10.** — Par l'adhésion aux présents statuts chaque associé s'interdit tout acte ou toute omission préjudiciable à l'objet social ou qui serait de nature à porter atteinte soit à sa considération et à son honneur per-

Si les deux tiers des membres ne sont pas représentés à une première réunion, il doit être convoqué une seconde qui pourra délibérer quelque soit le nombre des membres représentés, mais dans ce cas la délibération sera soumise à l'homologation du tribunal civil.

**Dissolution et liquidation.**

**Art. 25.** — En cas de dissolution de l'association pour quelque cause que ce soit, l'avoir social, après acquittement des dettes, est attribué à l'Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte ou à une oeuvre similaire.

Les membres du Comité Central se sont réunis ensuite et ont nommé:

1. — Président: Arthur STEIL,
2. — Vice-Président: Romain FANDEL,
3. — Secrétaire: Armand HOFFMANN,
4. — Secrétaires-adjoints: a) Philippe THINNES et
   b) Mathias SCHROEDER,
5. — Trésorier: Roger BOUR,
6. — Trésoriers-adjoints: a) Joseph WOHLFART, et
   b) Lucien KRAUS,
7. — Assesseurs: a) Albert CONTER,
   b) Marcel PAULY et
   c) Henri WAGNER.

Fait double à Luxembourg, le 15 septembre 1944.

Ligue ONS JONGEN
Comité Central
LUXEMBOURG
Boulevard Royal, 45 - Tél. 57-42

Impr. Jos. Beffort, Luxbg.